N°2739
Entrée le 06.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2025
Chambre des Députés

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 6. August 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, den Här Minister fir Immigratioun an Asyl, den Här Minister fir Uarbecht, den Här Bildungsminister an un d'Madamm Sozialministesch weiderzeleeden.

De 4. Mäerz 2022 huet d'Europäesch Unioun, als Reaktioun op d'russesch Invasioun an d'Ukrain, d'Direktiv 2001/55/EG iwwer den temporäre Schutz a Kraaft gesat. Och Lëtzebuerg huet doropshin de Statut vum „Bénéficiaire de la protection temporaire" (BPT) ëmgesat an enger gréisserer Unzuel vu Leit aus der Ukrain eng séier a legal Opnam mat Zougang zu Logement, Gesondheetsversuergung, Ausbildung a Beschäftegung erméiglecht. Mëttlerweil sinn dräi Joer vergaangen an et gëtt ëmmer méi kloer, datt sech fir verschidde Beneficiairen eng méi laangfristeg Perspektiv zu Lëtzebuerg opmécht. An deem Zesummenhang wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max HAHN, den Här Minister fir Immigratioun an Asyl Léon GLODEN, den Här Minister fir Uarbecht, Georges MISCHO, den Här Bildungsminister Claude MEISCH an un d'Madamm Sozialministesch Martine DEPREZ stellen:

- Wéi vill ukrainesch BPT sinn aktuell zu Lëtzebuerg registréiert?
- Wéi vill ukrainesch BPT si beruffstäteg an a wéi enge Secteuren si si besonnesch aktiv?
- Wéi vill ukrainesch BPT sinn op Sozialhëllef wéi de REVIS ugewisen?
- Wéi vill ukrainesch Kanner besichen hei zu Lëtzebuerg eng Schoul a wéi ass et ëm hiren Erfolleg gestallt?
- Ass geplangt, d'Recht op temporär Protektioun, dat aktuell bis Mäerz 2026 verlängert gouf, duerch eng aner Openthaltsform ze ersetzen, z. B. am Kader vun enger Integratiounsstrategie fir Persounen, déi laangfristeg hei liewe wëllen?
- Plangt d'Regierung eng Etude oder e Bilan, fir d'Erfarungen, déi an de leschten 3 Joer am Zesummenhang mam Statut vum „Bénéficiaire de la protection temporaire" gemaach goufen, z'analyséieren?

Här President, ech bieden Äech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Nathalie MORGENTHALER**
**Deputéiert**

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn, vum Inneminister Léon Gloden, vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch, dem Aarbechtsminister Georges Mischo an der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet Martine Deprez op d'parlamentaresch Fro n°2739 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler iwwer de Bilan an d'Perspektive fir Beneficiaires de protection temporaire.

*Wéi vill ukrainesch BPT sinn aktuell zu Lëtzebuerg registréiert?*

Den aktuellen Donnéeën no besëtzen insgesamt 3.671 Persounen eng temporär Protektioun, dorënner 3.543 mat der ukrainescher Nationalitéit an 128 mat enger anerer Nationalitéit. Bei den 128 Persounen, déi net déi ukrainesch Nationalitéit hunn, handelt et sech ëm Leit, déi virum Krich an der Ukrain gewunnt hunn.

*Wéi vill ukrainesch BPT si beruffstäteg an a wéi enge Secteuren si si besonnesch aktiv?*

Den 31 Juli 2025 waren 901 ukrainesch BPT beruflech aktiv, dovunner 19 als Independant. Bei de 15 bis 64 järegen, 892 Leit, entsprécht dat engem Taux d'emploi vun 31,4%.

D'Haaptaktivitéit vun de Salariéen, 882 Leit, läit an de Secteuren "I HÉBERGEMENT ET RESTAURATION" (27%) a "Q SANTÉ HUMAINE ET ACTION SOCIALE" (15%). De follgenden Tableau 1 gëtt den Iwwerbléck vun der Beschäftegung an alle Secteuren erëm.

**Tableau 1. Ukrainesch BPT déi als Salarié schaffen no Secteur op den 31. Juli 2025**

| Secteur d'activité | Nombre | Pourcentage p/r au total |
|---|---|---|
| NON DETERMINE | 42 | 5% |
| A AGRICULTURE, SYLVICULTURE ET PÊCHE | 6 | 1% |
| C INDUSTRIE MANUFACTURIÈRE | 12 | 1% |
| F CONSTRUCTION | 70 | 8% |
| G COMMERCE ; RÉPARATION D'AUTOMOBILES ET DE MOTOCYCLES | 37 | 4% |
| H TRANSPORTS ET ENTREPOSAGE | 19 | 2% |
| I HÉBERGEMENT ET RESTAURATION | 235 | 27% |
| J INFORMATION ET COMMUNICATION | 15 | 2% |
| K ACTIVITÉS FINANCIÈRES ET D'ASSURANCE | 19 | 2% |
| L ACTIVITÉS IMMOBILIÈRES | 11 | 1% |
| M ACTIVITÉS SPÉCIALISÉES, SCIENTIFIQUES ET TECHNIQUES | 32 | 4% |
| N ACTIVITÉS DE SERVICES ADMINISTRATIFS ET DE SOUTIEN | 82 | 9% |
| O ADMINISTRATION PUBLIQUE | 8 | 1% |
| P ENSEIGNEMENT | 11 | 1% |
| Q SANTÉ HUMAINE ET ACTION SOCIALE | 131 | 15% |
| R ARTS, SPECTACLES ET ACTIVITÉS RÉCRÉATIVES | 5 | 1% |
| S AUTRES ACTIVITÉS DE SERVICES | 93 | 11% |
| T ACTIVITÉS DES MÉNAGES EN TANT QU'EMPLOYEURS ; ACTIVITÉS INDIFFÉRENCIÉES DES MÉNAGES EN TANT QUE PRODUCTEURS DE BIENS ET SERVICES POUR USAGE PROPRE | 54 | 6% |
| **Total** | **882** | **100%** |

Source : IGSS

*<u>Wéi vill ukrainesch BPT sinn op Sozialhëllef wéi de REVIS ugewisen?</u>*

Persounen déi zu Lëtzebuerg de Statut vun der temporärer Protektioun accordéiert kréien, hunn nom Artikel 72 vun der Loi modifiée vum 18. Dezember 2016 relative à la protection internationale et à la protection temporaire eng Attestatioun déi et hinnen erlaabt sech um Territoire opzehalen, déi awer net mat engem Droit de séjour gläichzesetzen ass. Fir eligibel fir de Revis ze sinn, muss den Demandeur allerdéngs en Droit de séjour zu Lëtzebuerg hunn a sech op mannst fënnef Joer am Land ophalen.

Donieft hunn ukrainesch BPT allerdéngs Urecht op déi selwecht Aides financières et matérielles vum ONA wéi DPI, wann se eligibel dofir sinn. Och hunn ukrainesch BPT vum éischten Dag un, wou si de Statut zu Lëtzebuerg kréien, d'Méiglechkeet schaffen ze goen.

*Wéi vill ukrainesch Kanner besichen hei zu Lëtzebuerg eng Schoul a wéi ass et ëmhiren Erfolleg gestallt?*

Den 1. Juli 2025 waren am Ganzen 958 ukrainesch Kanner mat BPT-Statut an den ëffentleche Schoulen zu Lëtzebuerg ageschriwwen. Dovun hu 481 Schüler den Enseignement secondaire a 477 Schüler den Enseignement fondamental besicht. Een Drëttel vun de Schüler (338) waren an enger internationaler ëffentlecher Schoul ageschriwwen.

Wat d'Fro vum Erfolleg betrëfft, sou ass et zu dësem Zäitpunkt schwéier, eng zouverlässeg a representativ Ausso ze maachen.  Dëst gëllt besonnesch fir den Enseignement secondaire. Erfolleg ass empiresch net moossbar, an hänkt vu villen, deels subjektiven a kontextuelle Facteuren of. Erfolleg kann sech beispillsweis op d'Resultater an de klasseschen Evaluatiounen, op d'Erreeche vu bestëmmten Zilsetzungen am Schoulverlaf oder op Aspekter vun der Integratioun am Schoulsystem bezéien.

Baséiert een sech an dësem Kontext op den Enseignement fondamental, kann een – un Hand vun den Allongements de cycle – eng Indicatioun kréien, wéi de Parcours scolaire vun de Schüler, déi an der Ukrain gebuer goufen an tëscht 2022 an 2025 op Lëtzebuerg komm sinn, verlaf ass. Et stellt ee fest, datt d'Zuel vun den Allongements de cycle vun den ukrainesche Kanner ënnert der nationaler Moyenne läit. Dëst deit op eng schnell a gutt Integratioun vun den ukrainesche Kanner am nationale Schoulsystem hin, déi et hinnen erlaabt, trotz der fir si dacks neier an nach schwiereger Situatioun, déi am Plan d'études festgehale Kompetenzen ze entwéckelen an hire schoulesche Parcours beschtméiglech weider ze féieren.

*Ass geplangt, d'Recht op temporär Protektioun, dat aktuell bis Mäerz 2026 verlängertgouf, duerch eng aner Openthaltsform ze ersetzen, z. B. am Kader vun engerIntegratiounsstrategie fir Persounen, déi laangfristeg hei liewe wëllen?*

Am Juni hunn d'EU Memberstaaten unanime decidéiert d'temporär Protektioun fir Persounen aus der Ukrain fir e Joer, dat heescht bis de 4. Mäerz 2027, ze verlängeren.

Donieft hunn d'stänneg Vertrieder vun den EU Memberstaaten den 23. Juli och eng Recommandatioun fir eng Strategie aus der temporärer Protektioun eraus adoptéiert. Dës wäert an engem vun de nächste Conseil JAI formell ugeholl ginn. Dës Recommandatioun baséiert op véier Haaptachsen, notamment der Ënnerstëtzung vun der Transitioun op aner Openthaltstitelen, der Virbereedung vun enger nohalteger Integratioun an der Ukrain, dem Informéiere vun Ukrainer iwwer d'Situatioun an der Ukrain, hir Rechter an déi verschidden Transitiounsméiglechkeeten, souwéi och der Koordinatioun an dem Informatiounsaustausch tëscht de Memberstaaten an der Ukrain.

Wat d'Transitioun op aner Openthaltstitele betrëfft, kënne Beneficiaire vun der temporärer Protektioun zu Lëtzebuerg schonn zënter Abrëll 2023 op aner Openthaltstitele wéi dee fir d'Salariéen, dee fir d'Fräiberuffler, dee fir d'Familljememberen an och op d'Europäesch blo Kaart, wiesselen.

*Plangt d'Regierung eng Etude oder e Bilan, fir d'Erfarungen, déi an de leschten 3 Joeram Zesummenhang mam Statut vum „Bénéficiaire de la protection temporaire"gemaach goufen, z'analyséieren?*

À ce stade ass eng deementspriechend Analyse vun der Regierung net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 18. September 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn